



Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vun der Justizministesch, Sam Tanson, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6740 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup

Ad 1)

D'Regierung veruerteelt all Akt vu Gewalt an huet hir Positioun zu dëser Thematik schonn an den Äntwerten op d'parlamentaresch Froen Nr. 6534 an 6539 vum honorabelen Deputéierten, wéi och an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 6735 vun den honorabelen Deputéierte Martine Hansen a Marc Spautz duergeluecht.

Ad 2)

Mir sinn net an der Lag, d'Informatiounen, déi an der Press publizéiert goufen, kënnen ze confirméieren. Ënner anerem, well den dokumentéierte Fall sech net an enger ëffentlecher Schoul zougedroen huet. Doriwwer eraus, ennerlät d'Fro vum Verstouss géint den Artikel 23 vum Code de procédure penale, respektiv vun der Existenz vun enger Strofdot, der Appreciatioun vun de Justizautoritéiten, déi der Kompetenz vun der Exekutive entgeet.

Ad 3)

Och dës Informatioun kann net confirméiert ginn. Am Géigendeel, den aktuellen Informatiounsstand léisst dorop schléissen, datt déi concernéiert Jugendlech aus ënnerschiddleche Regiounen vum Land stamen, an sech net op eng oder méi Schoule konzentréieren. Déi Jugendlech sti virun allem iwver sozial Medien an Kontakt mateneen. Och d'Doten, déi deene Jugendlechen zur Laascht geluecht ginn, hu gréisstendeels ausserhalb vun der Schoul stattfonnt.

Et ass en Denkfeeler ze mengen, datt déi festgestallte Gewalt ënner deene Jugendlechen e Phänomen vun der Schoul wier. D'Schoul ass e wichtege Liewensraum vun deene Jonken, an deem si vill Zäit verbréngen. Dofir ass d'Problematik vun der Gewalt ënner Jugendlechen och eng, déi am Schoulëmfeld thematiséiert gëtt. Mee d'Schoul ass an aller Reegel e séchere Raum. Et ass net ëmsoss, datt genau deen Tëscheffall, deen an enger Schoul stattfonnt hat, an deen iwver e Video an de soziale Medie gedeelt gouf, dozou gefouert huet, datt d'Täter opgeflu sinn a Pursuitten ergraff goufen.

D'Schouldirektioun huet den Dag selwer wou si Kenntnis vun dem Gewaltvideo kritt huet, dësen der Police gemellt, déi hir Enquête opgeholl huet. Grad well déi aner Tëscheffall an der Fräizäit ausserhalb vun der Schoul stattfonnt haten, huet et bis zu deem Zäitpunkt gedauert, bis dës Situatioun bekannt gouf.

Mir sinn eis bewosst, datt d'Schoul déi Plaz ass, wou vill Mësstänn, déi an der Famill oder an der Gesellschaft herrschen, visibel ginn. D'Kanner an déi Jugendlech mussen an der Schoul déi Vertrauenspersone fannen, déi et hinnen erméiglecht sech unzevertrauen. Dofir wäert an deene kommende Méint och d'Konzept vun engem "Child Protection Officer" an de SePASen ëmgesat ginn

fir de Schülerinnen a Schüler kloer ze maachen, wéi eng Hëllef si do kréien a wéi eng vertraulech Prestatioune vun Ënnerstëtzung, Informatioun a Berodung hinnen an der Schoul zur Verfügung stinn.

Lëtzebuerg, de 4. Oktober 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH